Analyse vum Questionnaire vun der Vollékszielung 2011

Piratepartei Lëtzebuerg
www.piratepartei.lu

Januar 2011

Inhaltsverzeichnis

1 Gesetzlech Grondlag vun der Vollekszielung **3**
1.1 Recensement de la population 3
1.2 Verpflichtungen vun de Biirger 3

2 Responsabel fir d'Durchféierung vum Zensus **4**
2.1 STATEC 4
2.2 Ausfeirend Agenten 4

3 Analyse vum Questionnaire **5**
3.1 Ëmfang, Form an Opdeelung 5
3.2 Direktiven zum Ausfëllen vum Questionnaire 5
3.3 Le bordereau de maison 5
3.4 Feuille de ménage et de logement 6
3.4.1 Allgemeng Froen 6
3.4.2 Persounen-bezu Froen 7
3.5 Feuille de ménage collectif 8

1 Gesetzlech Grondlag vun der Vollekszielung

1.1 Recensement de la population

D'Vollekszielung berout um Wahlgesetz vun 2003[1] wat virgesäit, dass all 10 Joer a Lëtzebuerg e *recensement de la population* organiséiert gëtt. Eenzegt erkläerten Ziel vun der Vollekszielung ass laut dësem Text d'Déterminatioun vu der Zuel vun Memberen am Gemengerot an den eenzelnen Gemenge. D'Ausféierung vun der Vollekszielung gëtt vun engem Réglement vun der EU vun 2008 an engem Réglement Grand-Ducal vun 2010 festgeluecht. Dëse Réglement Grand-Ducal leet och d'Froe fest déi gestallt ginn. D'Missioun d'Vollekszielung duerchzeféiere gëtt dem STATEC iwwerdroen.

1.2 Verpflichtungen vun de Biirger

De Bierger ass dozou verpflicht bei der Vollekszielung an de virgeschriwwenen Délaie matzemaachen an de Froebou komplett a korrekt auszefëllen[2]. Wann dat net de Fall ass, dréit eng Geldstrof tëscht 251 an 2,500 Euro[3].

[1] Artikel 183, loi électorale modifiée du 18 février 2003
[2] Artikel 10, règlement grand-ducal du 25 novembre 2010
[3] Artikel 7, loi modifiée du 9 juillet 1962: http://www.statec.public.lu/fr/statec/missions/loistatec.pdf

2 Responsabel fir d'Durchféierung vum Zensus

2.1 STATEC

Et obläit et dem STATEC d'Vollekszielung ze plangen, ze koordinéieren an auszeféieren[1].

2.2 Ausfeirend Agenten

Bei der Ausféierung wäert de Bierger mat sou genannten *Agenten* a Kontakt kommen. Dës Persounen gi vun den jeeweilegen Gemengen ernimmt, a kréie pro Gebai, Haushalt a Persoun, déi se befroen eng gewëssen Somm als Opwandsentschiedegung[2]. D'Questionnairen ginn bis zum 31. Januar ausgedeelt. Ab dem 15. Februar kommen d'Agenten d'Questionnairen asammelen. Beim Sichekommen gëtt kontrolléiert ob de Questionnaire komplett beäntwert ausgefëllt gouf a bei eventuelle Froe gehollef. D'Agenten hunn awer kee Recht an d'Haus ze komme fir ze kucken, ob de Bierger net falsch ausgefëllt huet.

D'Agente ënnerleien enger Schweigeflicht an dierfen net iwwert d'Donnéeë schwätzen, déi se asammelen. Gëtt dëst net respektéiert droen eng Prisongsstrof tëscht 8 Deeg a 6 Méint an eng Geldstrof tëscht 500 bis zu 5.000 Euro[3].

[1] Artikel 4, règlement grand-ducal du 25 novembre 2010
[2] Artikel 14, règlement grand-ducal du 25 novembre 2010
[3] Artikel 7, loi modifiée du 9 juillet 1962: http://www.statec.public.lu/fr/statec/missions/loistatec.pdf

3 Analyse vum Questionnaire

3.1 Ëmfang, Form an Opdeelung

De Questionnaire deelt sech a folgend Deeler op:

- Froen iwwert den Immeuble, *Bordereau de maison* (2 Säiten, 3486 an 3487)
- Froen iwwert den Haushalt an d'Wunnen, *Feuille de ménage et de logement* (15 Säiten, 3488 bis 3502)
- Froen iwwert de Gemeinschaftshaushalt, *Feuille de ménage collectif* (16 Säiten, 3504 bis 3519)

Pro Fro sinn Formulaire fir bis zu 6 Persoune virgesinn. Fir all Fro mat enger textueller Äntwert sin Casë virgesinn, fir all Jo/Nee- an Auswiel-Froe sinn Tick-Casë virgesinn. De Questionnaire gëtt a 5 verschiddene Sproochen verdeelt: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch a Portugisesch.

3.2 Direktiven zum Ausfëllen vum Questionnaire

Um Ufank vum Questionnaire gëtt drëms gebieden a Groussbuchstawen ze äntweren.

3.3 Le bordereau de maison

Am Modèle I, *Le bordereau de maison* gi Froen iwwert den Immeuble vum Biirger gestallt. D'Adress a folgend Angabe gi gefuerdert:

- D'Fro nom physikaleschen Opbau vum Gebai, et ginn ënner anerem folgend Äntwerten ugebueden:
  - Ferme, bâtiment agricole
  - Maison individuelle

  - Immeuble collectif
  - Hôtel
- Unzuel vun de Logements habités
- Unzuel vun de Logements inhabités
- Den Datum vun der Fäerdegstellung vum Gebai
- Datum vun der leschter Renovéirung
- Besëtzer vum Immeuble (Een oder méi Besëtzer, privat Entreprise, Organisme public, Staat, Gemeng, verschidden Type vu Besëtzer)
- Unzuel un Etagen vum Immeuble

3.4 Feuille de ménage et de logement

Am 15-säitegen Deel *Feuille de ménage et de logement* ginn eng Rëtsch Froen zum Haushalt an zum Wunne gestallt.

3.4.1 Allgemeng Froen

- **Fro 1** (3488[1]) - Säit wei engem Joer wunnt een an der Wunneng
- **Fro 2** (3488) - Proprietaire / Wunnengsnotzer (gratis) / Haaptlocataire vun eideler Wunneng / Haaptlocataire miwwléiert Wunneng / Untermieter / Aneren
- **Fro 3** (3488) - Fro nom Loyer (an Euro)
- **Fro 4** (3488) - Unzuel vun de Raim a Fläch vun der Wunneng
- **Fro 5** (3488) - Fro no: Dusch/Bidden, Toilette, Garage, Parkplaz
- **Fro 6** (3488) - Fro vun der Notzung vun der Heizung, Fro nom Brennstoff
- **Fro 7** (3488) - Unzuel vu Privatautoen
- **Fro 8** (3488) - Fro no: Festnetztelefon, Handy, Televisioun, DVD Player, Digital Player (mp3/mp4), Stereoanlag, Personal Computer, Laptop, Internetuschloss, Wäschmaschinn, Trockner, Frigo, Tiefkühler, Spullmaschinn

[1]Säit am règlement grand-ducal du 25 novembre 2010
http://www.legilux.public.lu/leg/a/archives/2010/0213/a213.pdf

3.4.2 Persounen-bezu Froen

D'Persounen-bezu Froe sollen fir all Persoun beäntwert gin, déi hieren gewéinleche Wunnsetz an dësem Haushalt hun.

- **Fro 9** (3489) - Famillje- a Virnumm
- **Fro 10** (3489) - Geschlecht
- **Fro 11** (3489) - Gebuertsdatum (Period 1/1. - 31/1. oder Period 1/2. - 31/12)
- **Fro 12** (3489) - Fro nom Gebuertsland, Fro nom Joer an deem ee fir d'Läscht no engem Auslandsopenthalt vun op mannst engem Joer rëm säin übleche Wunnsëtz zu Lëtzebuerg huet
- **Fro 13** (3489) - Fro nom Gebuertsland vun den Elteren
- **Fro 14** (3489) - Familljestand
- **Fro 15** (3489) - Connectioun vun den Haushaltsmemberen zu enger Referenzpersoun (Persoun Nummer 1 um Formulaire)
- **Fro 16** (3491) - Fro ob de Wunnsëtz de gewéinleche Wunnsëtz ass, falls net da Fro no der Adress vum gewéinlechen Wunnsëtz am Grand-Duché oder d'Land vum Wunnsëtz
- **Fro 17** (3491) - Fro no der Nationalitéit; Lëtzebuerger vu Gebuert un, Lëtzebuerger duerch Optioun, Duebel Nationalitéit
- **Fro 18a** (3491) - Fro no der Sprooch an där een denkt an déi een am beschte beherrscht
- **Fro 18b** (3493) - Fro no de geschwate Sproochen am Haushalt an an der Schoul/op der Aarbecht
- **Fro 19** (3493) - Fro nom Wunnsëtz vum 31. Januar 2010 (Persoune gebuer virum 1. Februar 2010)
- **Fro 20** (3493) - Fro nom Wunnsëtz vum 31. Januar 2005 (Persoune gebuer virum 1. Februar 2005)
- **Fro 21** (3493) - Fro, ob en Beruff ausgefouert gëtt
- **Fro 22** (3493) - Fro no den Aarbechtsstonne pro Woch
- **Fro 23** (3495) - Fro no: Patron, Branche, Adresse vun der Aarbechtsplaz; fir Aarbechtsplaz am Ausland: Province (Belge), Kreis (Däitschland), Département (Frankreich)
- **Fro 24** (3495) - Fro nom Stellung/Statut am Beruff
- **Fro 25** (3495) - Fro no der Selbstännegkeet, Unzuel vun Ugestellten

- **Fro 26** (3497) - Fro nom Typ vum Aarbechtsvertraag
- **Fro 27** (3497) - Fro no enger méiglechst genauer Beschreiwung vum Beruff (och fir Apprentisseuren)
- **Fro 28** (3497) - Fro no der Aarbechtslosegkeet / Aarbechtssich
- **Fro 29** (3497) - Fro no der Adress vum Etablissement vun de Studenten/Schüler
- **Fro 30** (3499) - Fro nom Zyklus vun de Schüler/Studenten
- **Fro 31** (3499) - Froen zum Transport vun de Schüler/Studenten/Schafferten
- **Fro 32** (3501) - Fro zum schouleschen Ofschloss (nëmme vir Persounen iwwer 15 Joer)
- **Fro 33** (3501) - Fro, a weiengem Land een säin Ofschloss gemat huet
- **Fro 34** (3501) - Fro, ob d'Frae lieweg Kanner gebuer hun
- **Fro 35** (3503) - Fro nom gewéinleche Wunnsëtz (nëmme vir déi di bei der Fro 16 mat *Nee* geäntwert hunn)

3.5 Feuille de ménage collectif

All Fro bis op d'Fro 15 ass identësch mat de Froen aus dem *Feuille de ménage et de logement*. D'Fro 15 ënnerscheed sëch doduerch, dass op d'Lienen tëscht den Persounen am ménage verzicht gëtt. D'Froen 1 bis 8 leien den Ament nët ëffentlech vir.